n° 3918

Lëtzebuerg, 24 März 2021

DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Monsieur Fernand ETGEN
Président de la Chambre des Députés
LUXEMBOURG

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizminister an un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden:

*«D'Problematik vum ‚Hate speech' verbreet sech an der Gesellschaft ëmmer méi séier. Eng konstruktiv Diskussiounskultur kënnt oft ze kuerz a muss Plaz maachen fir schnell deposéiert Kriticken, aggressiv Bemierkungen a Beleidegungen déi Rassismus, Fraefeindlechkeet, Gewalt an Haas incitéieren. Ënnert dem Deckmantel vun der Meenungsfräiheet benotzt esou munche ‚User' déi digital Plattforme fir bewosst sengem Onmutt Loft ze maachen, a negativ Stëmmungen ze streeën. Esou ka beispillsweis en onschëllege ‚Post' iwwer e Rezept, ganz séier an enger Kultur- an Ethnizitéitsdiskussioun ausaarten. Ee richteg placéierten ‚hashtag' geet duer, an d'Land ass gespléckt iwwer e politeschen Debat den zu dem Zäitpunkt méi op de Plattformen, ewéi a politesch Diskussiounen ausgedroe gëtt. Zu wat Opriff um Internet beim Public kënne féieren, huet d'ganz Welt spéitstens bei den Attacken op de Kapitol zu Washington materlieft.*

*Ganz besonnesch geféierlech an dëser Thematik ass d'Verharmlosung vun dësem Phänomen dat am digitalen Zäitalter ëmmer méi d'Iwwerhand hëlt. Och wann den Opruff zu Haass per Strofgesetz verbueden ass, gëtt et weiderhi vill Aggressivitéit an Haass am gesellschaftleche Melting pot vun de soziale Netzwierker. Oft gëtt ‚hate speech' mat humoristesche Kommentaren ofgedeon – „well, that escalated quickly" – mee eng*

*tatsächlech Konsequenz fir d'Auteure bleift aus. Den Haass amuséiert, a féiert net zu engem Ëmdenke beim Lieser.*
*D''Broken Windows Theory' postuléiert, dass kleng Schied duerch Vandalismus, no deenen net gekuckt gëtt, dozou féieren, dass de Vandalimus sech wäert weider op dëser Plaz verbreeden.*

*D'Broken Web Theory baséiert op dëser Iddi, an applizéiert d'Theorie op den Internet als gemeinschaftleche Raum. Deemno beseet dës Theorie, dass Strofdoten déi ëffentlech am digitale Raum begaange ginn, an op déi keng Reaktioun follegt, dofir suergen, dass dat Verhalen bestäerkt, a verstäerkt weidergefouert gëtt.*

*An deem Kontext wéilte mir folgend Froen un d'Madamm Justizminister an un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend stellen:*

- *Ginn et am Beräich vum ‚Hate speech' Statistiken, déi dëse Phänomen iwwerwaachen? Dans l'affirmative, wéi hu sech d'Chifferen iwwert déi lescht 5 Joer verännert ?*

- *Si Sensibiliséierungscampagne geplangt fir op de Problem opmierksam ze maachen? Wat ass virgesi fir der momentaner Entwécklung vun ‚hate speech' entgéintzewierken?*

- *Wat kann de Bierger maache fir sech géint esou e Verhalen am Internet ze schützen ? Kann de Bierger rechtlech géint esou ee Verhale virgoen?*

- *Eis Jugend wiisst ëmmer méi digital op. Wéi kënnen och si virun 'hate speech' am Internet geschützt ginn ?*

- *Wat fir Alterskategorien si besonnesch am Risiko mat ‚hate speech' konfrontéiert ze ginn? Gëtt d'Thema ‚Hate speech' an der Schoul thematiséiert, an a welche Klassen?*

- *Wat ass déi éischt Ulafstell fir betraffe Kanner a Jugendlecher, wou si Hëllef kenne kréien? »*

Mat déiwem Respekt.

Carole HARTMANN
Deputéiert

Claude LAMBERTY
Deputéierten

**Äntwert vun der Madame Sam TANSON, Justizministesch an dem Här Claude MEISCH, Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 3918 vun den honorabelen Deputéierte Carole Hartmann a Claude Lamberty**

***Ad 1) Ginn et am Beräich vum „Hate speech" Statistiken, déi dëse Phänomen iwwerwaachen? Dans l'affirmative, wéi gu sech d'Chifferen iwwert déi lescht 5 Jooer verännert?***

D'Initiativ BEE SECURE vun der Lëtzebuergescher Regierung huet mat der BEE SECURE Stopline (stopline.bee-secure.lu) eng Offer, déi de Bierger d'Méiglechkeet gëtt, illegal Inhalter um Internet ze mellen. Nieft Duerstellunge vun sexuellem Mëssbrauch un Mineuren an terroristeschen Inhalter kann een och-zudeem Rassismus, Revisionismus an aner diskriminéierend Inhalter mëllen. D'Inhalter ginn vun BEE SECURE iwwerpréift an, falls noutwendeg, un déi zoustänneg Instanze weidergeleet, d.h. un d'Police Grand-Ducale oder un een vun den INHOPE Netzwierk Hotlines Partner wann den Inhalt an engem Land gehost gëtt wou eng oder méi Hotlines ugebuede sinn.

D'Zuelen vun gemellten Inhalter bei BEE SECURE an den leschten 6 Joer aus dem Beräich Rassismus, Revisionismus an aner diskriminéierend Inhalter:

2015: 356 Meldungen (96 weidergeleet)
2016: 114 Meldungen (46 weidergeleet)
2017: 110 Meldungen (58 weidergeleet)
2018: 122 Meldungen (68 weidergeleet)
2019: 219 Meldungen (152 weidergeleet)
2020: 292 Meldungen (240 weidergeleet)

D'Zuelen vun Veruerteelungen bzw. Fräispréch bei den zwee Bezierker am Kontext vum *Hate Speech*:

2015: 4 Veruerteelungen
2016: 9 Veruerteelungen
2017: 14 Veruerteelungen wéinst Opruff zum Haass an/oder zur Gewalt
1 Veruerteelung wéinst Négationnismus
11 Fräispréch (dovunner een géint eng Persoun, di parallel och wéinst aneren Aussoen dat selwecht Joer condamnéiert ginn ass)
2018: 8 Veruerteelungen
2 Fräispréch
2019: 6 Veruerteelungen
2020: 9 Veruerteelungen
3 Fräispréch
2021 5 Veruerteelungen an 1 Fräisproch, di nach net all rechtskräfteg sinn.

***Ad 2) Si Sensibiliséierungscampagne geplangt fir op de problem opmierksam ze maachen ? Wat ass virgesi fir der momentaner Entwécklung vun « hate speech » entgéintzewierken ?***

BEE SECURE stellt all Schouljoer en aktuellt Thema an de Fokus. Am Schouljoer 2016/2017 gouf sech mam Sujet *Hate Speech* beschäftegt. Dës Décisioun gouf ë. a. getraff, well et am Joer 2015 duerch d'Entwécklung vun de Flüchtlingsstréim an Richtung Europa an och an Lëtzebuerg eng grouss Unzuel un gemellte Fäll bei der BEE SECURE gouf (eleng am August 2015 goufen 145 Fäll gemellt).

Dës Campagne hat den Titel *Share Respect – Stop Online Hate Speech*. Am Kader vun däser Campagne goufen iwwert een Réseau un Partnerorganisatiounen an duerch eng Diffusioun an den Schoulen an

Jugendhaiser bis zu 3.000 Posteren uechter d'Land verdeelt. Dernieft sinn 30.000 Guiden iwwert de Sujet verdeelt ginn, de Groussdeel dovunner sinn direkt un Kanner an Jonker gaang, dat am Kader vun de Sensibiliséierungsaktiounen an de Schoulen, där all Joer ronn 1.000 duerchgefouert ginn. Zousätzlech sinn eng Rei Fiches thématiques vun der Equipe vun BEE SECURE entwéckelt ginn, déi och haut nach um Internetsite vun der Initiativ ze fanne sinn. Den Parquet huet un der Sensibiliséierungscampagne deelgeholl, wärend därer een ganze Koup Aktivitéiten am Jugendberäich, an awer och am Erwuessenenberäich organiséiert ginn sinn.

Am Kader vun dëser Campagne gouf zesummen mam Conseil de Presse am September 2017 eng gemeinsam Netiquette (www.netiquette.lu) ausgeschafft, d.h. een guide de bonne conduite fir online Benotzer.

Am selwechten Joer gouf hei am Land mat engem breede Réseau un Acteuren, déi international Campagne *No Hate Speech Movement* vum Conseil de l'Europe ënnerstëtzt. Mat der Ënnerstëtzung vun der Œuvre Nationale de Secours Grande-Duchesse Charlotte sinn ëm déi 30 Projeten ëm d'Themen Respekt an *Hate Speech* organiséiert ginn.

Wéi d'Zuelen vun der BEE SECURE weisen, ass d'Thema nach ëmmer relevant. Och dowéinst wäert d'Internetpräsenz vun der BEE SECURE dëst Joer nach en Update kréien, fir datt d'Leit weider vun dësem Service profitéieren kënnen. De Sujet vun engem respektvolle Mateneen am Internet an speziell an de soziale Medien ass och festen Bestanddeel vun den BEE SECURE -Formatiounen. De Gros vun dësen Formatioune gëtt an der Éducation formelle an non-formelle ugebueden. (cf. Ad 4)

Allgemeng leeën déi betraffe Servicer vum Éducatiounsministère den Haaptakzent op d'Sensibiliséierung duerch Bildung, souwuel am formellen wéi non-formellen Beräich. Schoulesch an ausserschoulesch Inhalter an Kaderen, Initiativen, an Campagnen ginn permanent ugepasst.

De Grupp Préventioun vun der Police intervenéiert och an de Schoulen fir op d'Geforen vum virtuellen *Mobbing* opmierksam ze maachen, an de Kanner a Jugendlechen Outilen mat op de Wee ze ginn, fir sech ze wieren, wann si Affer ginn vun virtuellem *Mobbing*.

Et gëtt gehofft, datt di Veruerteelungen duerch di lëtzebuerger Geriichter eng ofschreckend Wierkung hunn an och hiren Deel dozou bäidroen, datt d'Benotzer vun *Online*-Plattformen sech zweemol iwwerleeën, wat si schreiwen.

De Parquet proposéiert och alternativ Stagen zu enger Poursuite bei *respect.lu*, eng Initiativ vun der a.s.b.l. SOS Radicalisation, fir Persounen, di sech eventuell strofbar gemaach hunn mat engem problemateschen Commentaire, an der Hoffnung, datt si di elementar Verhalensreegelen integréieren, an net méi opfälleg ginn.

***Ad 3) Wat kann de Bierger maache fir sech géint esou e Verhalen am Internet ze schützen? Kann de Bierger rechtlech géint esou ee verhale virgoen?***

Jee nodeems op et eng perséinlech Attack op de Bierger ass, oder op den Haasscommentaire sech géint eng Communautéit riicht, ginn et ënnerschiddlech Manéieren, fir drop ze-reagéieren.

Wéi am Ad 1) schonn erwäänt, gëtt et mat der BEE SECURE Stopline een Service, deen et de Bierger erméiglecht, illegal Inhalter, dorënner *Hate Speech*, ze mellen. Dëst am Wëssen, datt dës Inhalter iwwerpréift ginn an un déi zoustänneg Instanze weidergeleet ginn. D'Meldunge ginn gepréift, andeems gekuckt gëtt, ob e Verstouss géint een oder méi Strofgesetzer virläit *(Articles 454 - 457-4 du Code Pénal - Chapitre VI. - Du racisme, du révisionnisme et d'autres discriminations* ).

Wann een perséinlech ugegraff gëtt, kann een eng Plainte bei der Police oder beim Parquet déposéieren géint den Auteur vum Commentaire (eventuell och tëscht den Hänn vum Untersuchungsriichter, wann een eng *constitution de partie civile* mécht). De Parquet informéiert d'Affer dann iwwert d'Suite vum Dossier.

Et kann een och de supposéierten Auteur vum Haasscommentaire direkt op d'Beziirksgeriicht zitéieren.

Wann een sech einfach nëmmen un engem Haasscommentaire stéiert, deen *online* ass, dann kann een beim Plattformebedreiwer respektiv Säitebedreiwer intervenéieren, fir de *Post* erofhuelen ze loossen, oder der BEE SECURE Stopline de Bäitrag anonym mellen. An deem Fall wier et gutt, souwuel een Link, wéi och een Screenshot matzeschécken, fir de Fall, datt de Commentaire schonn geläscht wier.

An all Fall, wou een sech duerch eng vermeintlech Strofdot verletzt spiert, kann een sech un de Service d'Aide aux Victimes (SAV) vum Service Central d'Assistance Sociale (SCAS) wenden, wou di professionell, speziell ausgebilt an kompetent Mataarbechter mat vill Fangerspëtzegefill a Versteesdemech d'Affer virun, während an nom Prozess begleeden, oder esouguer déi Affer opfänken, fir déi den Haassbäitrag net ënnert eng strofrechtlech Qualifikatioun fält.

Beim Counterspeech muss een gutt oppassen, datt een net selwer zum *Hate Speechler* gëtt; am Beschte mécht een Faktencheck oder et hannerfreet een di problematesch Ausso.

***Ad 4) Eis Jugend wiist ëmmer méi digital op. Wéi kënnen och si virun „hate speech" am Internet geschützt ginn?***

Jonk Leit ginn online mat Ausdréck a Kommentare konfrontéiert, déi beleidegen, diffaméieren an blesséieren kënnen. Et ass dowéinst wichteg, datt dëst Thematike fréi opgegraff ginn an der Educatioun vun de Kanner an Jonken. Am Medienkompass (edumedia.lu), deen am Joer 2020 vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend (MENJE) agefouert gouf, sinn den Ëmgang mat *Hate Speech* an *Cybermobbing* als Kompetenzfeld genannt. Grondsätzlech soll de Kanner an Jonke fréi gewise ginn, datt et wichteg an richteg ass, am Internet respektvoll een mat deem aneren ëmzegoen. D'Objektiv ass et, de Kanner an Jonken, Messagë mat op de Wee ze ginn, fir esou en respektvollt Mateneen am Internet ze fuerderen.

Am Kader vun der Campagne *einfach Digital* gëtt d'Jugend am Enseignement fondamental an, vun der Rentrée 2021/22 un, nieft den autonome Lycéesprojeten, am Enseignement secondaire mat der digitaler Welt bewosst konfrontéiert: mam Mediekompass als national Referenz léiere si bewosst handelen. Duerch d'Aféierung an d'Kodéieren an d'algorithmescht Denken am Enseignement fondamental ginn se mam Fonctionnement vun der digitaler Welt sensibiliséiert. Doropper-opbauend gëtt vun der Rentrée 2021/22 un dat neit Fach Sciences numériques an 17 Pilotschoulen op 7$^{e}$ ugebueden, fir vun der Rentrée 2022/23 un flächendeckend op 7$^{e}$ ëmgesat ze ginn. No der Pilotphas 2022/23 op 6$^{e}$, an 2023/24 op 5$^{e}$, wieren all Lëtzebuerger Klasse vum Cycle inférieur ofgedeckt. Dës Schüler ginn esou fir déi digital Welt fit gemaach, och op etheschem Niveau: mat, duerch an iwwer d'Medien.

Am neie Fach ginn sechs grouss Achsen Thematiséiert an handlungsorientéiert abordéiert : *„Meng digital Welt an ech!"*, *„De World Wide Web, säin Netzwierk an ech!"*, *„Do you speak Informatik? Meng Sprooch, hir Sprooch!"*, *„D'Spill – analog oder digital, eleng oder zesummen – ee ganze Programm!"*, *„De Roboter, e Partner am gudden an am schlechte Sënn?"*, *„Eng Maschinn, méi schlau wéi ech, ass dat méiglech?"*.

Besonnesch an der Achs *„De World Wide Web, säin Netzwierk an ech!"* ginn d'Reegelen um Internet an d'Responsabilitéit vum Benotzer Thematiséiert: *Hate Speech, Cybermobbing* ginn do ënnert anerem an verstäerkter Kollaboratioun mat BEE SECURE an Ugrëff geholl.

D'Initiativ BEE SECURE propagéiert an hire Sensibiliséierungsaktioune Messagen ewéi *„Hannert all Bildschierm sëtzt e Mënsch"* an *„Den Internet ass kee rechtsfräie Raum"*. Konkret dréit d'Initiativ mat verschiddene Mesuren derzou bäi, datt Kanner an Jonker esou fréi wéi méiglech mat dëse Sujete konfrontéiert ginn a sech déi noutwendeg Kompetenzen uneegne kënnen, fir heimadder ëmzegoen a fir en respektvollt Mateneen am Internet ze-fuerderen.

1. *Sensibiliséierungsformatioune fir déi Jonk*

Een wichtege Pilier vu BEE SECURE sinn d'Sensibilisatiounssessiounen, déi sech un Schoulklassen vum Enseignement fondamental an secondaire riichten. Insgesamt waren dëst am Joer 2020, 184 Schoulklassen am Enseignement fondamental an 306 Schoulklassen am Enseignement secondaire. Zousätzlech goufen et awer och nach 7 Formatiounen an Maison-relaisen an 11 Formatiounen an Jugendhaiser. Duerch d'Schoulschléissungen am Kader vun der COVID-19-Situatioun sinn dës Zuele par rapport zu 2019 an de Jore virdrun natierlech méi niddereg. A sämtleche Klasse spillt de Sujet *Cybermobbing* eng grouss Roll an den Formatiounen. Fir 7es-Klassen, wou dës Sensibilisatiounssessioun obligatoresch ass, ass elo zënter dem Wanter 2020/21 en spezifescht Modul iwwer *Hate Speech* an d'Formatioun agebaut ginn. Aktuell gëtt och un enger spezifescher Formatioun iwwer *Cybermobbing* fir Klasse vum Cycle 2 geschafft.

2. *Sensibiliséierungsformatioune fir d'Ëmfeld (Elteren, Enseignanten an Erzéier)*

En weidere groussen Deel vun de Formatiounen vun BEE SECURE riicht sech un d'Eltere souwéi un d'Enseignanten an d'Erzéier. 2020 goufe 25 Elterenowender an 22 Formations continues fir Enseignanten an Erzéier organiséiert. Problematesch Inhalter ewéi *Hate Speech* a *Cybermobbing* spillen och hei eng grouss Roll.

3. *Qualitativ Informatiounen um Internetsite*

Op der Internetsäit www.bee-secure.lu besteet eng spezifesch Rubrik zu *Hate Speech* (https://www.bee-secure.lu/de/risiken/hate-speech/) . Dësen Deel beinhalt wichteg Äntwerten zum Sujet souwéi eng Oplëschtung vu Publikatioune ronderëm *Hate Speech*.

4. *Berodungsservice BEE SECURE Helpline*

Mat der BEE SECURE Helpline (8002 1234) besteet eng Ulafstell fir sämtlech Leit, déi sech wëlle vertraulech an anonym vun Experten aus dem psychosoziale Feld berode loossen. Och op der Helpline spillen Thematiken ewéi *Hate Speech* a *Cybermobbing* eng Roll.

***Ad 5) Wat fir Alterskategorien si besonnesch am Risiko mat „hate speech" konfrontéiert ze ginn? Gëtt d'Thema „Hate speech" an der Schoul thematiséiert, an a welche Klassen?***

Et ginn keng Statistiken iwwer Alterskategorien déi besonnesch am Risiko mat *Hate Speech* konfrontéiert sinn.

Op 7$^{e}$ kréien eng Réi Jugendlecher hiren éischten Handy, an domadder den direkten Zougang zu soziale Medie wéi zum Beispill *Snapchat* an *Tik Tok*. Nieft dem neie Fach Sciences numériques (cf. Ad 4) huet

d'Thema *Hate Speech* natierlech och seng Plaz am Cours Vie et société, z. B. an den Themeberäicher *"Anerkennung und Ausgrenzung"* op 6e a *"Medien und Mythen"* op 5e.

Och den Zentrum fir politesch Bildung (ZpB) geet an sengen Unterrechtsmaterialien op d'Thema an, z. B. an der Publikatioun *Duerchbléck No. 6 – Click&go?* (S. 32). Och ouni sech elo op konkret Zuele kënnen ze beruffen, ass no Aschätzung vun BEE SECURE d'Thema *Hate Speech* e Phänomen, wat sech hei zu Lëtzebuerg dacks an de soziale Medien, zum Beispill an der Kommentarspalt vun Säite vun Medienhaiser oder op Säite vun Persounen, déi méi staark an der Ëffentlechkeet stinn, ofspillt. Et ass hei och e Phänomen, wat no Aschätzung vu BEE SECURE éischter d'Verhale vun Erwuessene betrëfft.

Bei Kanner a Jonke spillen virrangeg aner Forme vun *Hate Speech* respektiv Erfahrunge mat Haass am Internet eng Roll ewéi bei den Erwuessenen. Fir Kanner a Jonker besteet beispillsweis op Plattforme wéi *Tik Tok*, a méi privaten Chatgruppen ewéi bei *WhatsApp* oder och bei Interaktiounen an Online-Videospiller, de Risiko, mat aggressive Kommentaren, Beleidegungen oder Mobbing konfrontéiert ze ginn. Dowéinst setzt d'Sensibiliséierung fir Kanner an Jonker ganz fréi an méi breet beim Sujet „respektvollt Verhalen am Internet" un.

***Ad 6) Wat ass déi éischt Ulafstell fir betraffe kanner a Jugendlecher, wou si Hëllef kenne kréien?***

Nieft deenen evidente Bezuchspersounen (Elteren, Léierpersoun, Regent, Psychologen am SePAS oder SSE) ginn et eng Rei Ulafstellen, un déi sech Betraffener kënne riichten, fir Fäll vun *Hate Speech* ze mellen an an aller Vertraulechkeet an am Respekt vun der Anonymitéit Hëllef ze kréien:

- BEE SECURE Helpline, Tel. : 8002 1234 (www.bee-secure.lu)
- Kanner-Jugendtelefon, Tel. : 116 111 (www.kjt.lu)
- BEE SECURE Stopline : www.stopline.bee-secure.lu kann een all Form vun *Hate Speech* mellen, vun deenen een Beleeger (z.B. Screenshots) huet.
- Police

Donieft kann een sech bei Fäll vun Diskriminéierung un de Centre pour l'égalité de traitement (CET) riichten, deem säin Zil d'Promotioun, d'Analys an d'Iwwerwaachung vun der Gläichbehandlung tëschent Persounen, ouni Diskriminatioun op Grond vun der Rass oder der ethnescher Hierkonft, vum Geschlecht, vun der sexueller Orientéierung, vun der Relioun oder den Iwwerzeegungen, vun engem Handicap oder vum Alter ass.

Eng zentral Ulafstell hei am Land ass de Kanner-Jugendtelefon ( 11 6 111). Hei kënne Kanner a Jonker eng anonym, vertraulech an gratis Berodung kréien. Et ass awer och méiglech, de Service vun der Online Help vum Kanner-Jugendtelefon (KJT) ze benotzen.